MÉDIATHÈQUE ¦ SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL

Conseil communal

6 MARS 2020

Présent: Le bourgmestre Félix Eischen (CSV), les échevins Guy Scholtes (LSAP) et Marc Bissen (LSAP), les conseillers communaux Larry Bonifas (déi gréng), Guy Breden (CSV), Lucien Koch (CSV), Romain Kockelmann (CSV), Guy Kohnen (CSV) et André Noesen (déi gréng); le secrétaire communal Mike Back.

Excusé: Les conseillers Tom Hansen (DP) et Nathalie Heintz (LSAP).

Début de la séance: 08.30 heures

À huis clos

1. Crèche Keispelt - Retraite

Madame Fabienne Picron, aidant social dans la Crèche à Keispelt, a demandé de faire valoir son droit à la retraite avec effet au 1er février 2021. Le conseil communal se prononce en faveur de la demande, tout en la remerciant pour plus de 30 ans de bons et loyaux services.

2. Maisons Relais - Nomination

Suite à la publication d'un poste d'éducateur diplômé, 7 candidatures ont été introduites. Au vu des entretiens menés par le collège échevinal et les responsables de la Maison Relais, le conseil communal décide de ne retenir aucun des candidats.

Séance publique

Tous les points de l'ordre du jour sont approuvés à l'unanimité des voix.

Communications

Le conseiller Guy Kohnen (CSV) informe sur la précédente réunion de la commission de surveillance de la maison de soins pour la maladie d'Alzheimer à Erpeldange. La maison de soins sera agrandie et le démarrage des travaux est prévu après le congé collectif en été. Un total de 36 unités sera ajouté et la commune de Kehlen a déjà réservé une unité. Pour l'instant, on ne prévoit pas de construction plus importante parce qu'il est prévu de construire une maison de soins dans une autre région du pays.

Le bourgmestre Félix Eischen (CSV) annonce qu'en raison de la propagation rapide du virus COVID-19, la commune de Kehlen a installé de manière proactive des distributeurs de désinfection pour les mains dans tous les bâtiments publics.

Il fait le point sur l'avancement du dossier Elmen, où une récente visite de travail du Ministre du Logement Henri Kox sur le site d'Elmen a été suivie d'une réunion pour discuter des subventions pour ce projet. Ainsi, un soutien financier plus important sera octroyé à travers la nouvelle loi Pacte Logement. La SNHBM recevra également un soutien financier par le biais d'une loi distincte, ce qui permettra d'abaisser les prix des unités de logement individuelles. Le bourgmestre explique qu'aucune réunion d'information pour les citoyens n'a été organisée, car on ne pouvait pas encore annoncer un prix final pour les maisons, un prix qui devrait cependant être connu avant l'été.

En ce qui concerne l'école et la Maison Relais, la commune a progressé dans sa planification et le hall sportif ne sera certainement pas construit sous le bâtiment scolaire. La durée du chantier de l'école sera ainsi réduite de 6 mois. Sachant que les premiers habitants y vivront d'ici la fin de 2021, prioritairement des familles avec enfants, il ne faudra pas perdre de temps pour faire avancer le projet. Le projet d'école ne sera achevé que pour l'année scolaire 2023/24, de sorte que les effectifs des classes de l'école centrale à Kehlen devraient éventuellement être augmentés, ce qui ne sera pas une tâche facile. Le hall sportif sera dorénavant construit à une distance de 150 m de l'école, avec la possibilité d'une piscine à côté, mais uniquement pour les cours de natation scolaire. Si elle était ouverte au public, la piscine entraînerait des réglementations différentes et représentera 1,5 million d'euros de frais d'entretien par an pour la commune. Le bourgmestre regrette que le projet d'école ne reçoive pas la subvention initialement prévue de 65 à 75% du coût total, qu'il y aurait eu des changements et que la subvention dépendrait maintenant de l'impôt commercial communal. À l'heure actuelle, il est impossible de prévoir le montant des subventions que la commune recevra, vu qu'on ignore à combien s'élèvera l'impôt commercial communal dans les années à venir.

Le bourgmestre Félix Eischen aborde également le sujet de la circulation autour du cimetière à Kehlen. La règlementation de la circulation dans la rue du Cimetière restera en vigueur jusqu'à la fin du mois de mars, mais doit être prolongé parce que les chemins n'ont pas pu être réparées en raison des conditions météorologiques du mois de février. Le collège échevinal demandera l'avis de la commission de la circulation pour fermer définitivement ces routes afin de soulager ainsi la partie supérieure de la localité de Kehlen en termes de circulation.

À la satisfaction des conseillers du parti « déi gréng », le bourgmestre répond à une série de questions que le parti politique « déi gréng Kielen » a adressé au collège échevinal et il donne toutes les explications nécessaires.

3. Administration communale - Création d'un poste de rédacteur

Suite à une demande introduite par un fonctionnaire en vue d'un changement de la carrière de l'expéditionnaire vers la carrière du rédacteur, le collège échevinal a donné son accord formel pour que le fonctionnaire puisse s'inscrire à l'examen prévu. Le bourgmestre annonce qu'il devait y avoir une vacance de poste dans la carrière briguée pour que l'agent soit admis à l'examen, ce qui n'est pas le cas pour l'instant. Le conseil communal décide de créer une poste de rédacteur.

4. Extension et réaménagement du campus scolaire à Kehlen - Devis

L'échevin Guy Scholtes (LSAP) explique qu'un nouveau transformateur est nécessaire dans le cadre de l'extension du site de l'école centrale à Kehlen. L'ancien transformateur est situé à l'intérieur du bâtiment scolaire et doit être retiré en raison des travaux. De plus, il n'est pas

All Berichter kënnen op eisem Internetsite an der Rubrik „Mediathéik“ nogekuckt ginn (www.kehlen.lu/mediatheque) oder scannt einfach de QR-Code

assez puissant pour alimenter plus tard l'ensemble du site, c'est-à-dire l'école centrale, l'école de musique et les alentours du terrain de football. À l'heure actuelle, toutes les tranchées nécessaires qui devraient être ouvertes le sont déjà, de sorte que les travaux peuvent être effectués en même temps. Le parking dans la « Liberatiounsstrooss », qui n'a été que réparé à plusieurs reprises, sera également renouvelé.

Le conseil communal approuve le devis au montant de 455.829,31 € pour les travaux sur le réseau, un nouveau transformateur et le renouvellement du parking dans la « Liberatiounsstrooss ».

5. Hal FAKEME à Keispelt - Convention de prestation de service

Dans le cadre du devis relatif aux travaux de réaménagement du hall à Keispelt voté lors de la dernière séance du conseil communal, il a fallu élaborer une convention dans laquelle ont été fixées toutes les modalités vu que le bâtiment n'est pas la propriété de la commune. Le bourgmestre Félix Eischen explique que cette convention permet d'une part à la commune de réaliser les travaux de rénovation et d'autre part lui donne un plus grand droit d'utilisation. Toutefois, la convention n'est qu'un document transitoire et la commune mène actuellement des négociations avec la société Musik Keespelt-Meespelt en vue de signer éventuellement un bail emphytéotique. Dans cet ordre d'idée, la commune obtiendrait le plein droit d'utilisation pour une longue période et s'occuperait de l'administration et de la gestion du hall, mais que la musique resterait propriétaire du hall.

Le conseil communal approuve la convention de prestation de service dans le cadre des travaux de de réaménagement du hall, signée le 26 février 2020 entre l'asbl Musik Keespelt-Meespelt et le collège échevinal.

6. Participation au « Laftreff fir Ufänger» - Règlement-taxe

Après que l'introduction d'une taxe sur la participation au « Laftreff » avait suscité de nombreuses questions et avait donc été retirée de l'ordre du jour du dernier conseil communal, le collège échevinal a eu une entrevue avec la commission des sports et des loisirs pour discuter une nouvelle fois de l'organisation d'un point de rencontre pour les débutants en course à pied. Le bourgmestre est satisfait que tous les différends aient été clarifiés et il indique que le terme "Treff" (point de rencontre) n'est peut-être pas le meilleur vu qu'il ne s'agit pas d'un point de rencontre où les gens se rejoignent pour bavarder, mais d'un cours pour les personnes qui n'ont pas encore pratiqué de la course à pied, pour leur expliquer comment s'échauffer, à quoi faire attention, etc.

Le conseiller Guy Breden (CSV), qui est aussi membre de la commission des sports et des loisirs, souligne que ce point aurait pu être voté lors de la dernière séance du conseil communal si la communication avec la commission avait été meilleure. C'est un point où il faut en faire bien plus.

Au vu des 18 personnes intéressées qui se sont déjà manifestées, le conseiller Larry Bonifas (déi gréng) s'interroge sur le nombre de participants qui est fixé à 15 dans le règlement. Tous les conseillers conviennent d'augmenter ce nombre à 20 participants.

Le conseil communal fixe la taxe de participation à 5 € par personne par cours, donc 60 € par trimestre.

7. « Laftreff fir Ufänger » - Contrat de prestation de service

Dans le cadre de l'organisation du cours sportif « Laftreff fir Ufänger », le conseil communal approuve le contrat de prestation à durée déterminée signée entre la responsable du cours, Mme Patricia Streitz, et le collège échevinal.

8. Club Senior Kielen - Convention 2020

Le conseil communal approuve la convention tripartite pour l'année 2020 relative au fonctionnement du Club Senior Kielen signée entre le Ministère de la Famille et de l'Intégration, l'asbl Club Senior Kielen et le collège échevinal.

9. Commissions consultatives - Nominations

Suite à un appel aux candidatures dans le bulletin communal, une candidature a été introduite par une personne sans relations avec un parti politique et 2 candidats ont été proposés par le parti politique CSV. Le conseil communal nomme M. Félix Kayser (proposition du groupe politique CSV) et M. Thierry Delvigne comme nouveaux membres de la commission de la jeunesse, et M. Joé Schroeder (proposition du groupe politique CSV) en tant que membre de la commission des sports et des loisirs.

10. Règlements de circulation

Le conseil communal confirme 3 règlements de circulation d'urgence édictés par le collège échevinal concernant la rue de Goeblange à Nospelt, la rue de Capellen à Olm et la rue An der Hiel à Kehlen.

Le conseiller Larry Bonifas (déi gréng) demande dans quelle mesure les travaux de la nouvelle salle des fêtes à Olm ont progressé, puisque le règlement de circulation dans la rue de Capellen à Olm a été adopté dans le cadre des travaux de raccordements de la salle des fêtes. L'échevin Guy Scholtes (LSAP) explique que le chantier a au moins un an de retard, mais qu'on essaie tout pour rattraper le temps perdu. Toutefois, il souligne qu'il a toujours l'intention de célébrer la fête nationale 2020 à Olm, même si cela deviendra certainement difficile. Le plâtrage et les raccordements sont en cours. Cependant, on attend toujours la livraison des fenêtres, livraison déjà prévue pour décembre. L'accent sera davantage mis sur ce chantier.

Tous les rapports peuvent être consultés sur notre site Internet sous la rubrique "Mediathek" (www.kehlen.lu/mediatheque) ou scannez simplement le code QR.

MÉDIATHÈQUE ¦ SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL

Gemengerot

6. MÄERZ 2020

Present: De Buergermeeschter Félix Eischen (CSV), d'Schäffe Guy Scholtes (LSAP) a Marc Bissen (LSAP), d'Gemengeconseillere Larry Bonifas (déi gréng), Guy Breden (CSV), Lucien Koch (CSV), Romain Kockelmann (CSV), Guy Kohnen (CSV) an André Noesen (déi gréng); de Gemengesekretär Mike Back.

Entschëllegt: D'Gemengeconseillere Tom Hansen (DP) an Nathalie Heintz (LSAP).

Ufank vun der Sëtzung: 08.30 Auer

Net ëffentlech Sëtzung

1. Crèche Keespelt - Pensioun

D'Madamm Fabienne Picron, Hëllefseducatrice an der Crèche zu Keespelt, huet ugefrot fir op den 1. Februar 2021 kënnen hir rechtméisseg Pensioun unzetrieden. De Gemengerot gëtt säin Accord a bedankt sech bei hir fir déi iwwer 30 Joer gutt an trei geleeschten Déngschter.

2. Maison Relais - Nominatioun

No der Veröffentlechung vun engem Poste fir een Educateur diplomé si 7 Kandidaturen agereecht ginn. Opgrond vun de Virstellungsgespréicher déi vum Schäfferot an de Responsabele vun der Maison Relais gefouert goufen, decidéiert de Gemengerot kee vun de Kandidaten zréck ze behalen.

Ëffentlech Sëtzung

An der ëffentlecher Sëtzung ginn all d'Punkte vun der Dagesuerdnung eestëmmeg ugeholl.

Matdeelungen

De Conseiller Guy Kohnen (CSV) informéiert iwwer déi lescht Reunioun vun der Commission de Surveillance vum d'Fleegeheem fir Alzheimer zu Ierpeldeng. Fleegeheem soll vergréissert ginn, de Start vun dësen Aarbechten ass nom Kollektivcongé am Summer geplangt. Et solle 36 Unitéite bäikommen an och d'Gemeng Kielen huet sech do schonn eng Unitéit reservéiert. Et gëtt am Moment net méi grouss gebaut, well gekuckt gëtt fir nach an enger aner Regioun am Land ee Fleegeheem opzeriichten.

De Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) deelt mat, datt d'Gemeng Kielen opgrond vun der schneller Verbreedung vum Coronavirus proaktiv an allen ëffentleche Gebaier an der Gemeng Desinfektiounsspender fir d'Hänn opgeriicht huet.

Hien geet och op den Dossier Elmen an, wou rezent eng Aarbechtsvisitt vum Logementsminister Henri Kox um Site Elmen war, mat uschléissender Entrevue fir iwwer d'Subside bei dësem Projet ze schwätzen. Sou ass virgesinn datt et iwwer dat neit Gesetz vum Pacte Logement méi eng héich Ënnerstëtzung wäert ginn. D'SNHBM soll och nach iwwert ee separat Gesetz eng finanziell Sprëtz kréien, esou datt ee mat de Präisser vun den eenzele Wunnunitéite kann erofgoen. De Buergermeeschter erkläert, datt dohier och nach keng Informatiounsversammlung fir d'Bierger organiséiert ginn ass, well een nach keen definitive Präis fir d'Haiser kann nennen, dës soll awer nach virum Summer gewosst sinn.

Och a punkto Schoul a Maison Relais wier d'Gemeng an der Planung virukomm, deelt hie mat, an d'Sportshal géing elo definitiv net ënner d'Schoul gebaut ginn. Esou gi 6 Méint Bauzäit beim Projet Schoul gewonnen. Wëssend datt Enn 2021 déi éischt Leit dohinner wunne kommen an dëst prioritär Famillje mat Kanner sinn, erkläert sech, firwat d'Gemeng keng weider Zäit ka verléieren. De Schoulprojet wäert eréischt fir d'Schouljoer 2023/24 fäerdeg ginn, esou datt an der Zentralschoul zu Kielen d'Klasse eventuell mussen opgestockt ginn, wat net einfach gëtt. D'Sportshal soll dann elo eng 150m vun der Schoul ewech kommen an donieft eventuell eng Schwemm, awer reng fir d'Schoulschwammen. Wann ee se fir de Public géing opmaachen, bréngt dat aner Oplage mat sech a géing d'Gemeng all Joer 1,5 Mio. € un Ënnerhalt kaschten. De Buergermeeschter bedauert et och, datt ee fir de Schoulprojet net den ufanks geplangte Subsid vu 65 bis 75% vun de Gesamtkäschte kritt. Et wieren Ännerunge ginn an de Subsid hänkt elo un der kommunaler Gewerbesteier (impôt commercial communal), do kann een elo net soe wat d'Gemeng vu Subsid wäert kréie well een net ka soe wéi héich déi Gewerbesteier déi nächst Joren wäert ausfalen.

Des weidere geet de Buergermeeschter Félix Eischen och nach op de Verkéier ronderëm de Kierfecht zu Kielen an. D'Reglement dat d'Rue du Cimetière fir de Verkéier späert geet nach bis Enn Mäerz, mee et muss verlängert gi well d'Weeër wéinst dem Wieder am Februar nach ëmmer net konnte gefléckt ginn. De Schäfferot wäert d'Verkéierskommissioun fir hiren Avis froe fir dës Stroosse ganz zou ze loossen an esou den ieweschten Deel vu Kielen a punkto Verkéier ze entlaaschten.

Op eng Rëtsch Froen déi "déi gréng Kielen" un de Schäfferot adresséiert haten, huet de Buergermeeschter nach an der Sëtzung zur Zefriddenheet vun "déi gréng" geäntwert an all néideg Erklärunge ginn.

3. Gemengenadministratioun - Schafe vun engem Poste fir Redakter

Opgrond vun enger Demande vun engem Beamte fir e Changement vun der Karriär vum Expeditionnaire an d'Karriär vum Redakter, huet de Schäfferot ee formellen Accord gi fir datt de Beamten an deen dofir virgesinnen Exame ka goen. Fir kënne fir dësen Examen zougelooss ze ginn, erkläert de Buergermeeschter, muss awer ee Posten an der ugestriefter Karriär existéieren, wat momentan net de Fall ass. De Gemengerot decidéiert ee Redakter-Posten ze schafen.

4. Ausbau an Erneiere vum Schoulcampus zu Kielen - Devis

De Schäffe Guy Scholtes (LSAP) erkläert, datt am Kader vum Ausbau vum Site vun der Zentralschoul zu Kielen een neien Traffo gebraucht gëtt. Den alen Traffo steet an der Schoul selwer a muss wéinst den Aarbechten do eraus. Dobäi kënnt, datt en och net staark genuch ass fir herno de ganze Site, also d'Zentralschoul, d'Museksschoul an och alles um Futtballterrain, opzefänken. Am Moment sinn och all déi néideg Tranchéeën, déi missten opgemaach ginn, schonn op, esou datt een déi Aarbechten elo an engems ka maachen. Och de Parking an der Liberatiounsstrooss, deen elo ëmmer nëmme gefléckt gouf, gëtt mat nei gemaach.

De Gemengerot stëmmt den Devis an Héicht vu 455.829,31 € fir d'Aarbechten um Reseau, en neien Traffo an d'Erneiere vum Parking an der Liberatiounsstrooss.

5. Hal FAKEME zu Keespelt - Konventioun

Am Kader vum Devis fir d'Sanéierungsaarbechten an der Hal zu Keespelt, den an der leschter Gemengerotssëtzung gestëmmt gouf, huet och missen eng Konventioun ausgeschafft gi fir all néideg Modalitéite festzehalen, well dëst Gebai jo net der Gemeng gehéiert. De Buergermeeschter Félix Eischen erkläert, datt dës Konventioun op der enger Säit der Gemeng erlaabt d'Sanéierungsaarbechten duerchzeféieren an op der aner Säit der Gemeng dofir méi ee grousst Nëtzungsrecht zougesteet. D'Konventioun ass awer just en Iwwergangsdokument, et gëtt mat der Keespelter Musek dru geschafft fir warscheinlech an d'Richtung vun engem Bail emphytéotique ze goen, wat heescht datt d'Gemeng iwwert eng länger Zäit dat vollt Nëtzungsrecht kritt an sech ëm d'Gestioun vun der Hal këmmert, déi Keespelter Musek awer weiderhi Proprietär vun der Hal bleift.

De Gemengerot approuvéiert d'Konventioun am Kader vun de Sanéierungsaarbechten an der Hal, déi de 26. Februar 2020 tëscht der Musek Keespelt-Meespelt asbl an dem Schäfferot ënnerschriwwe gouf.

6. Participatioun um Sportscours "Laftreff fir Ufänger" - Taxereglement

Nodeems d'Aféierung vun enger Tax fir d'Deelhuelen um Laftreff fir vill Froe gesuergt hat an esou vun der Dagesuerdnung vun der leschter Gemengerotssëtzung erof geholl gi war, hat de Schäfferot eng Entrevue mat der Sport- a Fräizäitkommissioun fir nach eng Kéier iwwer d'Organisatioun vun engem Treffpunkt fir Lafufänger ze schwätzen. De Buergermeeschter weist sech zefridden datt all Differenze konnte gekläert ginn a seet och datt den Term "Treff" vläicht net den Allerbeschten ass, well et keen Treff ass wou d'Leit sech gesi fir ze schnëssen, mee eben e Cours fir Leit déi nach net lafe ginn, wou si erkläert kréie wéi een sech opwiermt, op wat een alles soll oppassen asw.

De Conseiller Guy Breden (CSV), deen och Member vun der Sport- a Fräizäitkommissioun ass, betount, datt dëse Punkt och schonn am leschte Gemengerot hätt kënne gestëmmt ginn, wann d'Kommunikatioun mat der Kommissioun besser geklappt hätt. Dëst wier ee Punkt, un deem een onbedéngt misst schaffen.

De Conseiller Larry Bonifas (déi gréng) hannerfreet d'Zuel vun de Participanten, déi am Reglement op 15 festgeluecht ass, wann ee bedenkt datt een awer elo schonns 18 interesséiert Leit huet, déi sech gemellt hunn. All Conseillere sinn averstanen dës Zuel op 20 Participanten ze erhéijen.

De Gemengerot hält eng Tax fir d'Deelhuelen vu 5 € op de Kapp pro Cours, also 60 € pro Trimester, fest.

7. Sportscours "Laftreff fir Ufänger" - Kontrakt

Am Kontext vun der Organisatioun vum Sportscours "Laftreff fir Ufänger" stëmmt de Gemengerot de Kontrakt mat enger festgeschriwwener Lafzäit, deen tëscht der Madamm Patricia Streitz, déi de Cours leet, an dem Schäfferot ënnerschriwwe gouf.

8. Club Senior Kielen - Konventioun 2020

De Gemengerot approuvéiert d'Konventioun betreffend de Fonctionnement vum Club Senior Kielen, déi tëscht de Ministère fir Famill an Integratioun, der Asbl Club Senior Kielen an dem Schäfferot fir d'Joer 2020 ënnerschriwwe gouf.

9. Berodend Kommissiounen - Nominatiounen

No engem Opruff am Gemengebuet fir Kandidaten ze fannen, ass eng Kandidatur vun enger Persoun ouni Relatioun mat enger politescher Partei erakomm, an 2 Propositioune fir ee Kandidat vun der CSV. De Gemengerot nennt den Här Félix Kayser (Propositioun vun der CSV) an den Här Thierry Delvigne als nei Memberen an der Jugendkommissioun, an den Här Joé Schroeder (Propositioun vun der CSV) als Member an der Sport- a Fräizäitkommissioun.

10. Verkéiersreglementer

De Gemengerot confirméiert dem Schäfferot seng 3 Drénglechkeetsreglementer fir de Verkéier an der Gieweler Strooss zu Nouspelt, an der Rue de Capellen zu Ollem an An der Hiel zu Kielen ze reegelen.

De Conseiller Larry Bonifas (déi gréng) freet no, wéi wäit datt d'Aarbechten um neie Festsall zu Ollem sinn, well d'Verkéiersreglement an der Rue de Capellen zu Ollem jo am Kader vum Uschloss vum Sall geholl ginn ass. De Schäffe Guy Scholtes (LSAP) erkläert, datt d'Aarbechten op d'mannst ee Joer hannendra sinn, een awer kuckt fir dat opzeschaffen. Hie betount awer, datt hien nach ëmmer drun denkt, fir Nationalfeierdag 2020 zu Ollem ze feieren, och wann dat sécher extrem sportlech gëtt. Am Moment gëtt gegipst an d'Uschlëss gi gemaach. Op d'Fënsteren, déi am Dezember scho sollte geliwwert ginn, waart een awer nach ëmmer. Hannert dësem Chantier wäert een elo méi hannendru bleiwen.

AVIS AU PUBLIC

Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal, par sa délibération du 13 décembre 2019, numéro 3, a arrêté le nouveau **règlement-taxe relatif à la location d'une remorque frigorifique**. Ledit règlement a été approuvée par la Ministre de l'Intérieur en date du 1er avril 2020, référence 831x4b321/DW.

Le texte du règlement est à la disposition du public à la maison communale à Kehlen où il peut en être pris copie sans déplacement, ainsi que sur le site internet communal dans la rubrique « Médiathèque ».

https://www.kehlen.lu/mediatheque

Hiermit wird der Öffentlichkeit mitgeteilt, dass der Gemeinderat in seiner Sitzung vom 13. Dezember 2019, Punkt 3, eine neue **Abgabenverordnung betreffend den Verleih eines Kühlfahrzeuganhängers** verabschiedet hat. Die genannte Verordnung wurde von der Innenministerin am 1. April 2020, Referenz 831x4b321/DW, genehmigt.

Der Text des Reglements steht der Öffentlichkeit im Gemeindehaus in Kehlen zur Verfügung, wo er ohne weiteres kopiert werden kann, sowie auf der Gemeinde-Website im Bereich "Mediathek".